
WICHTEGEN Update fir Mataarbechter vum Bealtaine Festival


**Léif Mataarbechter, Guiden a Scouten a Frënn vum Bealtaine,**


Wéinst der aktueller Wiedersituatioun musse mir elo Villes ëmplangen, dorënner fällt och eis Parksituatioun fir Mataarbechter an och de Parking Payant. Souwuel de Staffparking wéi och de Parking Payant si bis a Sonndeg sëcher zou. De ville Reen erlaabt et net do ze parken. Eventuell kenne mir de Parking Payant Sonndes opmachen, dëst ass awer nach net sécher.

Mir bidden fir all Mataarbechter an Reenactors a puer Parkméiglechkeeten un. Détailler gesidd dir op de Kaarten. Mir hunn eng Camionette vum Bissener Jugendhaus kritt,, déi iech dann op Neihaischen féiert. Merci fir är Gedold wann et bëschen dauert.

Samschdes moies fiert Camionette ab 08h00 bis 10h30 vun den eenzelnen Parkingen op Neihaischen. Mataarbechter wou méi spéit kommen ,sollen eis Busnavetten fir Visiteuren huelen






## Allgemeng Infos fir d'Mataarbechter vum Staff

R.V. Freides, den 17.05.2024

19h00: Briefing fir all Mataarbechter op der Terrass beim Chalet. Duerno ass en Iessen(wou ugemellt sinn)

R.V. Samschdes, den 18.05.2024

08h30 – 09h30: Kaffi a Schmieren op der Terrass beim Chalet

09h30 – 11h00: Preparatioun vun de Stänn

11h00 – 22h00: Festival um ganze Site mat Owes „Fireshow" am Bësch

R.V. Sonndes, den 19.05.2024

08h30 – 09h30: Kaffi a Schmieren op der Terrass beim Chalet

09h30 – 11h00: Preparatioun vun de Stänn

11h00 – 19h00: Festival

19h30 – 21h00: Apaken vum Material vun den eenzelen Stänn, Apaken vun den Dëscher a Bänken

No 21h30: Mataarbechterfeier am Keltenhaus

WICHTEG: Meindes, den 20.5.2024 sinn mir iwwert all Hëllef beim Ofrappen dankbar

## Ouverturezäiten vum Festival

Samschdes, den 18.05.2024

11h00 – 22h00: Festival um ganze Site / Workshops Kanner: 11h00 – 18h00

20h30 – 21h30: Fireshows am Bësch

Sonndes, den 19.05.2024

11h00 – 19h00: Festival um ganze Site / Workshops Kanner: 11h00 – 18h00

## Horäire Busnavetten fir Visiteuren

| | |
|---|---|
| 18.05.2024: | 10h30 – 22h30 all 15 Minuten |
| 19.05.2024: | 10h00 – 20h00 |

Fir weider Froen kennt dir iech per Telefon (269484-29) / GSM: 691 835704 oder per E-Mail: tom.lahr@lgs.lu mellen.

Mir soen iech elo schonns villmools Merci fir är Ënnerstëtzung a freeën eis mat iech op de Bealtainefestival 2024.

Am Numm vun der ganzer Bealtaine Ekipp a mat beschte Guiden a Scoutsgréiss

Tom Lahr

Koordinatioun Bealtaine 2024